

COMMUNIQUÉ DE PRESSE



NET ESOU HÄR MEISCH !

Den SEW/OGBL an de Landesverband hunn ënnerstëtzt, dass an de Schoulen esouvill Normalitéit wéi méiglech misst sinn, awer ënnert Berécksiichtegung vun der Entwécklung vun den Infektiounszuelen a neien Erkenntnisser vu richtege (Fach-) Wëssenschaftler.

Obwuel mat enger 2. Well huet misse gerechent ginn an d'Infektiounszuelen och an de Schoulen eropgaange sinn, ass e ganz Trimester laang näischt aus dem Ministère komm. De Minister huet sech eenzeg an eleng drop beschränkt fir seng schéigerechent Infektiounszuelen ze verdeedegen a gehofft, dass et schonn iergendwéi vum selwe géing weidergoen.

Alt erëm muss festgestallt ginn, dass kee Konzept a keng Alternativ am Ministère fir déi aktuell Situatioun präparéiert gouf, dëse schéngt ëmmer erëm vun der Situatioun iwerrascht ze ginn. An elo, grad mol een Dag virum Enn vun engem schwierigen Trimester, wou vill Schüler an Enseignanten um Enn vun hirer Kraaft sinn, dierfen d'Léierpersounen aus der Press gewuer ginn, dass si sech an der Vakanz op e Neits méiglecherweis op digitalen Unterrecht sollen astellen.

Unni kloer Konzept vum Educatiounsministère sollen d'Enseignanten also an der Vakanz béid Saache präparéieren, woubäi se vermittlech kuerz virun der Reprise ërem iwver d'Medie wäerten informéiert ginn, wat dann elo zeréckbehale gouf, a wat fir d'Kaz ass.

D'Respektlosegkeet virun der Aarbecht an dem Asaz vun den Enseignantë kéint net méi grouss sinn.

Wou sinn déi vill „Experten“, déi de Minister an deene leschte Joren aus der Schoul erausgeholl huet? Firwat ass do net scho längst eng digital Offer präparéiert ginn?

Hat de Minister an dësem schwierigen éischten Trimester tatsächlech keng aner Prioritéit wéi de „Coding“ ze lancéieren?

Soll d'Erstelle vun dem neie Schoulentwécklungsplang (PDS) (deen déi wéinechsten interesséiert an deen eis Schoul net wärt weiderbrennen) dat klangloost Ënnergoe vun de grouss ugekënnegten Appuisstonne kompenséieren?

Et weist sech ëmmer méi, dass de Minister a seng Beroder kee Plang hunn, keng kuerz- oder laangfristeg Strategie entwéckelt hunn, mee just eng Navigatioun à vue op Käsche vun de Schüler, hire Familljen a vun den Enseignanten.

COMMUNIQUÉ DE PRESSE



Wéi laang wëll dës Regierungskoalitioun dësem Trauerspill nach nokucken? Wéini gëtt endlech eng kompetent Persoun op dëse wichtege Poste gesat, déi den Dialog mat den Acteuren erëm opbaut, d'Veutraue vun den Enseignanten an den Elteren a d'Schoulpolitik erëm zréckbréngt an eng effikass an nohalteg Bildungspolitik mécht?

Et ass fënnef op Zwielef !

Matgedeelt vum SEW/OGBL

den 18. Dezember 2020